CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

# Verhaalen am CIS Hesperange

Zone Centre

# TABLE DES MATIÈRES

1. Verpfleegung **Fehler! Textmarke nicht definiert.**

1.1 Iessen 3

2. Parking fir ären Auto **Fehler! Textmarke nicht definiert.**

3. Uerdnung am CIS 4

4. Openhalt am CIS nom Cours 4

Héi fannt Dir néidesch Informatioune betreffend ärer Teilnahm an enger Formatioun am CIS Hesperange.

# 1. Verpfleegung :

## 1.1 Iessen

Fir d' Iessen notzen mir d' Garage mat de Paarten 8+9. Héi musst dir am Virfeld Bänken an Dëscher opstellen an déi um Schluss vun der Formatioun nees apaken w.e.g.

Ab 7:30 stinn Kaffi, Waasser an Mëtschen beim Instruktiounssall um éischten Stack zur Verfügung.

D' Mëttegiessen gëtt op d' Platz geliwwert. Sollt dir eng Intoleranz hunn oder dir braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), soll dir kuerzfristeg eng email un hotellerie@cgdis.lu, dem Service Hotellerie vum INFS, maachen.

Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | *z.b. 22-25-FIS I.2* |
| Datum vum Cours: | *z.b. 18 an 19 Dezember 2023* |
| CIS wou de Cours ass: | *CIS Hesperange*<br>*112, Allée de la Jeunesse Sacrifiée 1940-1945*<br>*L-5863 Hesperange* |
| Är Intoleranzen: | *är aktuell Intoleranzen*<br>Ob dir e vegetaresch oder e vegane Menu wëllt bestellen |

# 2. Parking fir ären Auto :

De Parking vum CIS Hesper steet zur Verfügung.

Déi viischt Parkplazen vum CIS sinn de Memberen an der Permanence vun CIS virbehalen an däerfen net benotzt ginn. Parkt iech w.e.g. ausschliisslech laanscht den Drot.



# 3. Uerdnung am CIS :

**Am CIS** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 2 Zonen agedeelt:

Propper Openthaltsräim, Instruktiounreim, Büroen

Héi gëtt d’ F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder aner proppere Schung gedroen.

Héi ass d’ Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) net erlaabt.

Knaschteg All anere Raum

Héi ass d’ Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) erlaabt.

# 4. Openthalt am CIS nom Cours :

Halt iech am CIS just an deene Reim op, déi fir är Formatioun zur Verfügung stinn.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

Fir weider Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Jean-François Bricher

Tel. +35249771 3031

zone-centre-formation@cgdis.lu